



wëlle mer alleguerte wëssen, europawäit, wéi do den Émgang mat den Donnéeën ass.

Eng national Solutioun mat 27 verschiddenen nationale Regimme gëtt keng zefriddestellend Antwort, a scho guer net op déi europäesch Charta vun de Grondrechter. Dofir ass d'Lëtzebuerger Regierung an dem Koalitiounsaccord ganz kloer der Meenung, dass een hei muss eng europäesch Initiativ huelen.

Mir hu fir deem éischten Arrêt jo och als Regierung e Projet de loi deposéiert, dee läit schonn zënter e puer Joer an der Chamber, deem eng Rei méi technesch Aspekter vun eise aktuellen Gesetz kann änneren. Fir mech schwätzt do näischt dergéint, fir deem Text do och virunzebréngen. Dee läit an der Chamber. Mir hunn en deposéiert, well mer mengen, dass eng Rei Punkte kënnen verbessert ginn.

Par rapport zum zweeten Arrêt, deem de Prinzip selwer wesentlech méi a Fro stellt, mengen ech, wier et net opportun, an Europa op 27 verschidden national Legislatiounen ze goen.

Et kënnt derbäi, datt dem eenzelne Bierger seng Rechter, Här Clement, jo gewährt bleiwen. Wann iergendee Bierger am Kader vun enger Affär géint sech op Informatiounen a sengem Dossier trëfft, déi op esou eppes zréckginn, ass et jiddwerengem fräigestallt, an där Affär och dat doten ze plädéieren.

Et ass also net, dass am Eenzelfall elo kee méi seng Rechter an deem dote Beräich kéint akloen. Dat Recht huet jiddwereen, deem an enger Affär mat esou Donnéeën konfrontéiert wier. Dofir ass d'Regierung ganz kloer der Meenung, dass et hei bal méi Problemer géif schafen, wa mer géifen op 27 national Solutiounen iwwergoen. Mir sinn der Meenung, mir solle bei deem, wat am Koalitiounsaccord steet, bleiwen an eis weider derfir asetzen, dass et séier eng gesamteuropäesch Solutioun fir dese Beräich gëtt.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- D'Wuert geet nach eng Kéier zréck un den Här Clement.

► **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Jo, Pardon, ech muss hei nach eng Kéier intervenéieren, well den Här Braz eppes gesot huet, wat hei net gefuerdert ass. Hei steet net dran: „Mir wëlle 27 eenzel Regimmen.“ Hei steet net dran: „Mir wellen eng Zerstückelung vun der europäescher Landschaft.“

Mir hunn déi Zerstückelung vun der europäescher Landschaft haut! Lëtzebuerg huet en nationaalt Gesetz, wat net attackéiert gouf vum EUGH. Dat stëmmt! Däitschland huet entscheet, politesch: „Mir schafen d'Vorratsdatenspeicherung of.“ Dat heescht, e Land mat 82 Milliounen Bierger huet haut de facto keng Vorratsdatenspeicherung méi.

Dat heescht, hinzegoen an ze soen, mir géifen, wa mir et géifen ofschafen, domadder d'Grondrechter vun de Bierger, fir déi mer heibannen alleguerten nach virun e puer Minutte waren, a Fro stellen, da mussen mer wierklech higen a soen: Ma Däitschland mécht et, Frankräich mécht haut eppes aneres, Groussbritannien mécht nach eppes aneres, an Holland souwiso.

(*Interruption*)

Mir sinn haut an enger Welt, wou et 28 verschidde Länner gëtt mat 28 verschiddenen nationale Gesetzgebungen. Datt déi par hasard nach konform si mateneen, well se sech eben op déi nämlech Direktiv baséiert hunn, dat ass just nach där attackéierter Direktiv ze verdanken.

Den Arrêt 2016, an den Här Braz huet et gesot, huet de Prinzip vun där Datespäicherung vill méi konkret a Fro gestallt, wéi dat elo hei vläicht erakomm ass. Fir eis ass et eng Fro: Schwätze mer hei véier Stonnen iwwert d'Grondrecht Dateschutz a loossen d'Vorratsdatenspeicherung trotz zwee Arrête vun der Cour weiderlafen oder soe mer: „Ma, bis et eng europäesch Léisung gëtt, sammele mir näischt?“

Dat wär Courage gewisen a gewisen: Den Dateschutz ass e Grondrecht. Dat ass e fundamentaalt Recht. A mir als Chamber sinn eis deem bewosst, mir conforméieren eis zu den Arrête bis eng europäesch Léisung, déi konform zu der Mënscherechtscharta ass, fonnt ass. A wann déi fonnt ass, schwätzt näischt dergéint, fir erëm e Gesetz ze maachen a weiderzefueren.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Ech mengen, et ass elo alles gesot zu där Motioun. A mir kënnen elo zum Vott kommen.

(*Brouhaha*)

De Vote électronique ass gefrot.

► **Une voix**.- Här President, wat fir een Text?

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- D'Motioun Nummer 2, esou wéi se presentéiert ginn ass. En ofgeännerten Text hu mer net virun eis

leien. Da stëmme mer elo of iwwert d'Motioun, esou wéi se deponéiert gouf.

Vote sur la motion 2

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Dann de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 4 Jo-Stëmme, 31 Nee-Stëmme a 25 Abstentiounen ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Sven Clement et Marc Goergen;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies (par Mme Octavie Modert), Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

4. 7448 - Débat d'orientation relatif à l'avant-projet de Plan national pour un développement durable (suite)

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun, déi zur Orientéierungsdebat iwwert den Avant-projet vun engem nationale Plang fir déi nohalteg Entwécklung deponéiert gouf.

Motion 1

► **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Här President, ech froen d'Wuert, fir Stellung zur Motioun ze huelen.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Wann Dir Stellung wëllt huelen zu där Motioun, kënnt Der dat nach maachen.

(*Brouhaha*)

Awer d'Debatt iwwert den Avant-projet vun engem nationale Plang fir nohalteg Entwécklung ass eriwuer. Mir sinn elo just am Zeenario vun der Motioun. Dir däreft roueg Stellung huelen zur Motioun an lech stinn duerfir fënnf Minutten zur Dispositioun.

► **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Dir wëllt soen, ech hu keng 31 Minutten, ech hu 5 Minutten, Här President. Dat hat ech verstanen. Duerfir e puer Aussoen, déi ech awer wëll haut maachen zu dem Avant-projet an zur Motioun selwer.

De Prinzip vun der Nohaltegkeet, mengen ech, deen ass a jiddwer Discours erëmkomm, dat ënnerstëtze mer alleguer. Mä wann ech d'Realitéit kucken, dat, wat dagdeeglech an der Politik ëmgësat gëtt, dann ass dat e weineg anescht.

De Projet de rapport, deem huet vill sympathesch Propositionen, viles, wat och scho gemaach ginn ass, mä awer och eng Rei Saachen, déi am Regierungsprogramm stinn, déi d'ailleurs elo net am Avant-projet, mä haapt-sächlech an den Avisa vun der Chamber hei stoungen.

Mä meng Haaptausso, déi ech hei wëll maachen, dat ass déi: Wann een e Rapport iwwert den Développement durable mécht, dann, mengen ech, muss een och de Courage hunn, fir déi Froen ze stellen an ze beäntwerten, déi awer an deem Domän zentral Froe sinn! An dat gëtt an deem Rapport weder am Rapport nach an den Avisa vun de Kommissiounen gemaach. An ech ginn lech just dräi Beispiller derfir, déi och explizéieren, firwat mer des Motioun net kënnen matdroen.

Dat éischt Beispill, dat ass, datt ech an deem Rapport, deem Projet de rapport vum Développement durable op kenger Säit am Fong richtig en Zentralproblem, wat mer hei am Land hunn, ugeschwat gesinn. An dat ass dat, wéi mer an Zukunft politesch mat deem Wuessstum, deem eist Land kennt, wéi mer mat deem wellen ëmgoen. A soulaang mer net Äntwerten op déi zentral an op déi primär Fro, wéi mer

mam Wuessstum ëmginn, wéi mer dee geréieren, wéi mer deem am Grëff behalen, soulaang mer keng zentral Äntwert op déi Fro ginn, ass och alles, wat an deem Rapport iwwer Mobilitéit geschriwwen gëtt, iwwer Logement geschriwwen gëtt, iwwert de Respekt vu Ressource-naturrell geschriwwen gëtt oder iwwer Integratioun a sozial Kohäsioun vun eiser Gesellschaft net sënnvoll, well et der Basis net entsprécht vun deene Froen, op déi mer mussen äntwerten.

A wa just op enger Säit gesot gëtt: „Mir maachen elo Rifkin an dat ass eis Zilsetzung, fir de Wuessstum an de Grëff ze kréien“, da froen ech, ob dee Wuessstum - 3, 4, 5 %, dee souguer nom Här Rifkin bis zu 24.000 Leit d'Joer hei am Land bäi géif heeschen, soudatt mer zu 1,2 Milliounen wären an 3, 4 ... (veuillez lire: an 300.000-400.000 Grenzgänger) -, ass dat dat, wat des Regierung, wat des Majoritéit a wat och déi gréng Partei als Wuessstumsstrategie, esou wéi et hei an deem Plan national de développement durable steet, dem Land an deenen nächste Jore wëlle ginn? Ass dat, datt des ganz Majoritéit dem Här Schneider senger Politik vun engem Wuessstum, dee mer net an de Grëff kréien, noheet, déi offiziell Politik vun der Regierung? Dat ass dat, wat ech déi eenzel Parteien hei och froen, wann een dee PNDD liest.

Zweet Beispill, dat ass dat vun de soziale Systemer. Eng vun de groussen Erausforderungen vun dem Développement durable ass, datt mer eis sozial Systemer och laangfristeg sollen am Grëff behalen. Ech liese just, wann ech de PNDD ... Dir weist mer de Programm vun der OCDE, dee mer de Moie virgestallt kritt hunn, genau do steet et dran! An d'ailleurs seet d'Kommissioun genau datselwecht. Ech fanne just am Rapport vum Plan national de développement durable näischt doriwwer! Laangfristegkeet geet awer och iwwer laangfristeg Öfsicherung vun eise Sozialsystemer. Ech hätt mer zumindest erwaart, datt éischstens am PNDD an zweetens an den Avisa vun der Chamber eng Rei vun deene Saache géifen erëmkommen.

A mäin drëtt Beispill, well ech nëmmen eent wëll erauspicken, well ech nëmme fënnf Minutten hei hunn, dat ass dat vun der Gesondheetspolitik. Ech liesen hei eng ganz Rei Propositione fir d'Gesondheetspolitik: néng Pläng, néng Analysen, néng Enquête sollen hei gemaach ginn. An dat soll dann eng Politik vum Développement durable an der Gesondheetspolitik sinn.

Ech soe just, mir hunn an der Gesondheetspolitik eng ganz Rei Erausforderungen a grouss Froen, déi sech stellen: de schnellen Accès zur Gesondheet, d'Zwouklassemeezinn, wéi gi mer mam Wuessstum eens, wa mer wellen d'Politik vun der Gesondheet entwéckelen?, nei Technologien, Penurie vu Personal, wat eng ganz Rei vun de Saachen a Fro stellt. Dorobber hätt ech gar Äntwerte gehat. An déi Äntworten hu mer net am Plang erëmfondt.

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**.- Här Wiseler, just eng Tëschebemierkung. Am Avis vun der Kommissioun sinn alleguer déi dote Punkten.

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV)**.- Dir hutt net d'Wuert!

► **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Déi ginn net zur Satisfaktioun do beäntwert, bäi Wäitem net!

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**.- Dach!

► **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Den Développement durable ass an eisen Ae wichteg, mä et muss een awer bereet sinn, déi richtig Froen vun der Nohaltegkeet och ze stellen, fir d'Erausforderungen, déi sech an deenen heite Pläng an an anere Pläng stellen, och an d'Aen ze kucken. A wann des Majoritéit respektiv déi eenzel Parteie bereet sinn, déi richtig Erausforderungen unzeschwätzen, da fanne se bei eis e Partner, dee partant ass fir esou eng Diskussioun. Mä soulaang e Rapport esou hei läit, deen net bereet ass, deen net de Courage huet, fir déi zentral Froen unzegoen, kënnen mer dat net als seriö consideréieren.

An duerfir erlabe mer eis, gradesou wéi bei all den Avisa vun de Kommissiounen, des Motioun net matzestëmmen.

(*Interruption par M. Mars Di Bartolomeo*)

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Wiseler. Den Här Minister François ... Neen, den Här Gibéryen fir d'Éischt.

► **M. Gast Gibéryen (ADR)**.- Merci, Här President. Och d'ADR wäert des Motioun net matstëmmen. An zwar vermësse mer an deser ganzer Diskussioun, wa mer iwwert d'Nohaltegkeet schwätzen ... Wa mer e bëssen zréckkucken, dann hu mer gesinn, datt mer am Fong schonn 1999 esou eng Debatt hei an der Chamber haten, mir haten 2010 eng a mir hunn elo erëm eng. Dat heescht, et kann ee

soen, am Rhythmus vun all zéng Joer maache mer deem Exercice hei. A wa mer awer kucken, wat d'Resultat war an deene leschten 10, 20 Joer, da gesi mer, datt dat, wat an deenen Debatten ëmmer hei diskutéiert ginn ass, an der Regel net ageetratt ass.

Firwat ass et net ageetratt? Ma eben, well mer ons net mat der Wuessstumsfro beschäftegt hunn. Wann een d'Entwécklung vun der Populatioun kuckt iwwert déi 10, 20 lescht Joer, wann een d'Entwécklung kuckt vun den Aarbechtsplazen, wann ee kuckt, wivill datt mer am Land zoubëtonéiert hunn, wann ee kuckt, datt mer, wat den Tanktourismus ubelaangt, net iergendwéi eng Stagnatioun oder en Zréckgoen hunn, mä datt mer ëmmer nei Progressiounen kritt hunn, esou gesäit een am Fong, datt mer an deenen Diskussiounen, déi mer déi lescht 10, 20 Joer an deem Domän gefouert hunn, absolutt näischt Positives Opweises hunn.

A mir als ADR sinn der Meenung, ier mer esou eng Debatt wëlle féieren, misst am Fong d'Regierung eis soen, wéi si d'Entwécklung vum Land gesäit an den nächsten 10, 20 Joer, wat d'Populatioun ubelaangt, wat den Aarbechtsmaart ubelaangt, wat d'Wunnengen ubelaangt, datt ee weess, wouhinner déi Regierung hei wëll steieren! Mä mir schwätze guer net iwwert déi Diskussiounen! Et seet keen eis: „Ma, mir maachen elo e Plang, wou mer an zéng Joer erëm 100.000 oder 150.000 Leit weider hunn, duerfir brauche mer esou vill Logement.“ Wou gi mer dee Logement sichen?

Mir maachen hei Pläng am Land, wou mer soen, wou nach därif gebaut ginn, wou nach därifen Industrië kommen. A mir wëssen all, datt dat nëmme kuerzfristeg gekuckt ass, well mer wëssen, datt, wa mer déi sektoriell Pläng scho viru fënnf oder zéng Joer gestëmmt hätten, da wiere vill vun deene Projeten, déi haut realiséiert ginn am Land, iwwerhaupt net néideg gewiescht, well da wieren nämlech an deene sektorle Pläng virun zéng Joer déi Terrainen zum Deel ausgeschloss gewiescht, wou mer haut Terrainen (veuillez lire: Logementer), Industrien, Fussballstadien an esou viru bauen. Dat heescht, an anere Wieder, ...

(*Coups de cloche de la présidence*)

... et huet d'Politik am Fong arrangéiert, datt mer déi Pläng net haten, well dann ebe konnt weider hei am Land zoubëtonéiert ginn.

Also, mir hätte gäre vun der Regierung, wa se gären iwwer esou eng Debatt wëllt diskutéieren, datt se eis wierklech seet: „Mir wellen esou vill Prozent Wuessstum d'Joer, datt ass an eise Plang. Dat bréngt mat sech esou vill Awunner, et bréngt mat esou vill Aarbechtsplazen, et bréngt mat, datt mer esou vill Frontaliere mussen hunn“ oder Gott weess, wou mer déi Aarbechtsplazen alleguer siche ginn a wéi se dann de Problem vun der Mobilitéit, wéi se de Problem vum Logement wëlle léisen. Mä alles dat ass aus där Diskussioun ausgeschloss ginn. Mä dat ass d'Viraussetzung - datt ass d'Viraussetzung! -, fir esou eng Diskussioun ze féieren. A mir bedauern, datt des Regierung am Fong just reng op stramme Wuessstum setzt, ouni mat iergendwéi engem Wuert d'Konsequenze vun deem Wuessstum unzeschneiden!

Dann hate mer virun enger Rei vu Joren als ADR eng Impaktstudie, hate mer eng Interpellatioun hei gemaach iwwert d'Zukunft Lëtzebuerg. An deemools war ech awer der Meenung, datt mer hei och e Konsens, wéi eventuell e bëssen och an där Debatt vun de Mëtteg heibannen, haten, datt mer gesot hunn: „Ma an Zukunft huele mer kee Betrib méi an d'Land vun enger gewëssener Envergure, wou mer net als Regierung higin a mir maachen eng Impaktstudie: Wat huet dee Betrib als Konsequenzen, souwuel am Positive wéi am Negativen? Wat brauch e vun Terrain? Wat brauch e vun Aarbechtskräften? Wat brauch e vun Energie? Wat fir eng Leit kommen dohinner schafen? Hu mer déi Leit? Wat muss de Stat, wat mussen d'Gemengen un Infrastrukturen zur Verfügung stellen? Wat sinn eventuell d'Resource fir de Stat als Steieren? Alles dat gekuckt an dann ënnert dem Stréch gekuckt: Huet et e Wäert, datt mer dee Betrib an eist Land huelen oder net?“

Mir stellen awer fest, datt dat net gemaach gëtt. Au contraire! Wa mer zwee rezent Beispiller huelen, d'Juggurtsfabrik a Google, da gesi mer, wéi des Regierung verfiert. Si versicht, esou mann wéi méiglech iwwerhaupt Donnéeën prett ze halen an et gëtt sech ëmmer hanner Prozedure verstoppt, hanner Etüde verstoppt a mir kréie keng Informatiounen. Am Fong misst an esou engem Fall eng Regierung transparent spillen. Si misst soen: „Hei ass alles, wat dese



Betrib u Positivem an un Negativem bréngt“, amplaz datt déi Betriber schonn am Virfeld Terraine verkaaft kritt hunn oder kafen, an da gëtt diskutéiert an herno gëtt e Fait accompli geschaaft an et gëtt einfach net gekuckt, wat dat fir positiv oder negativ Repercussioune fir Lëtzebuerg huet. Duerfir, mengen ech, ass dat en zweete Punkt.

An dann ofschléissend e leschte Punkt: d’Rente-problematik, egal wéi mer driwwer diskutéieren. Am Abléck hu mer keng Problemer. Am Abléck hu mer Reserven. Mä jiddwereen, deen déi Problematik e bësse realistesch kuckt, ...

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ... dee weess, datt déi nächst Generatiounen an 10, 15, 20 Joer Riseproblemer kréien, wa mir haut net de Courage hunn, driwwer ze diskutéieren, wa mer net bereet sinn, de Courage ze hunn, fir partiwwergräifend ze soen: „Hei, wa mer eis Kanner an eis Kanneskanner net wëlle virun eng onméiglech Situatioun setzen, ...

(Coups de cloche de la présidence)

... da muss mer haut diskutéieren a reagéieren.“ An alles dat feelt, an dat sinn awer d’Viraussetzungen, ier een iwwerhaapt iwwer esou eng Nohaltegekeetsdebat diskutéiert. An duerfir stëmme mir dës Motioun net mat.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

(Brouhaha)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gibéryen. Den Här Minister Bausch huet d’Wuert gefrot.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Merci, Här President. Ech schwätzen elo hei e bëssen als Vertrieder vun der Ministerin Madamm Carole Dieschbourg, déi jo haut elo natierlech net hei ass, well déi Debat geschter war. Mä dat ass awer kee Problem. Ech wëll gär haaptsächlech e puer Saache soen zu där zentraler Fro, déi vum Här Gibéryen a vum Här Wiseler opgeworf ginn ass, déi mech och zënter Laangem staark beschäftegt, nämlech där, wéi d’Land sech soll weiderentwéckelen an zu der Fro vum Wuesstum.

Dat ass eng Debat, déi kann een natierlech abstrakt féieren, am Vage féieren, wéi se meeschtens gefouert gëtt, andeem esou gesot gëtt, wéi wann de Wuesstum eppes wär - wéi soll ech soen? -, wat eis géif uwendropfale wéi en Däiwe, deen hei zu Lëtzebuerg géif wüten an dee géif maachen, datt d’Liewensqualitéit ëmmer méi schlecht géif ginn. An et geet een awer ni op den Terrain selwer, wou ee seet, wéi een da géif zum Beispill den Hiewel usetzen, fir mat deem Wuesstum do ëmzegoen, fir deen ze steieren.

Ech behaupten - ech behaupten -, datt, esou wéi Lëtzebuerg opgestallt ass, ee Land, wat zu 80 % vum Export leeft, datt Lëtzebuerg eleng als Land an där Dynamik, wou mir haut sinn, ganz sécher net kann einfach esou de Wuesstum vum PIB steieren oder de Wuesstum vun den Aarbechtsplaze schafen. Et kann ee sécherlech eenzel Saache maachen a Schwéierpunkte setzen; déi eng oder aner Fabrik, ob een déi wëllt oder net.

Mä kommt, mir sinn awer och éierlech! Och wa vill iwwert dat Beispill vu Beetebuerg geschwat gëtt, do kann een elo gedeelter Meinung sinn, wat een dovunner hält, mä et ass jo awer net elo dat, wat d’Beispill ka sinn oder wat eise Wuesstum eigentlech ausmécht. Mir wëssen awer hoergenee, datt de Gros vum Wuesstum vun der Finanzplaz, duerch ganz aner Secteure kënnt!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Et ass alles.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- E kënnt ënner ... Jo, Här Gibéryen, alles, et ass virun allem zum Beispill de Finanzsecteur, de mécht, datt mer esou attraktiv sinn an datt mer esou vill Wuesstum zu Lëtzebuerg en général hunn.

Wat ass dann zum Beispill deene Leit hir Meinung par rapport zum Finanzsecteur? Da weisst ech gär, wann dat relativ kloer ass, datt dat deen ass, dee Lëtzebuerg dynamiséiert huet an och haut dynamiséiert: Wat maache mer dann? Baue mer deen of, de Finanzsecteur? Wie wëllt dat? Ech hunn nach keen héieren dat soen. Ech héieren ëmmer nëmmen de Contraire soen. Ech gesinn och nëmmen, wa mer Gesetzer hei an der Chamber stëmme zum Finanzsecteur, déi gi meeschtens mat 60 Stëmme ugeholl.

Et muss ee sech vläicht awer emol e bësse konsequent sinn. Wann een déi Froe wëllt opwerfen aus der Perspektiv eleng, wat et heescht,

Wuesstum vum PIB oder vun den Aarbechtsplazen, da muss een och bereet sinn, déi waarm Eisen unzepaken, déi een da muss zerschloen - wat net meng Meenung ass, soen ech lech awer direkt, fir déi ze zerschloen.

Et gëtt awer sécherlech Méiglechkeeten, wéi een d’Land ka gestalten! An ech war jo Landesplanungsminister déi lescht fënnef Joer, an do wäert och elo ganz kloer eng Visioun komme vun der Regierung, well mir musse jo nach Plan-sectoriellen ... Iwwregens, Här Gibéryen, déi sinn elo an der leschter Versioun no der Prozedur jo vun der Regierung ugeholl ginn. Dat heescht, déi ginn elo bei de Statsrot a mir wäerten an deenen ...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Jo, mir waarden dorobber.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Jo, Dir braucht net vill ze waarden, dat leeft elo sai Wee. Do kommen elo d’Avis vum Statsrot an da wäerten déi Pläng rechtskräfteg ginn. Ëmmerhin hu mer dat an deene leschte fënnef Joer fäerdegbruecht, fir endlech, ...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Sechs Joer.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- ... wéi Der et rich-teg ... Jo, och nach sechs Joer, okay, sechs Joer. A sechs Joer hu mer et fäerdegbruecht, komplett iwwerschaffte Pläng mat enger komplett iwwerschaffter neier legaler Basis ze schafen, fir datt déi Pläng endlech elo rechtskräfteg kënne ginn.

Mä da kënnt jo och nach eppes hannendrun, an dat ass de Programme directeur vun der Landesplanung! An de Programme directeur vun der Landesplanung, dat ass näischt aneres wéi esou eng, ech wëll net soen, eng Bibel, mä awer e Basisdokument, an deem mer beschreiw solle fir déi nächst 15, 20 Joer, wéi mer Lëtzebuerg gesinn. An do wäert d’Regierung dat virleeën! D’Regierung wäert eng Visioun virleeën, wéi se Lëtzebuerg gesäit a 15, 20 Joer. An da wäerte mer och hei an der Chamber eng Debat doriwwer kréien, fir doriwwer ze diskutéieren.

Ech verlaangen awer och ... An, wéi gesot, ech si fir déi Wuesstumsdebat an ech fannen, déi muss gefouert ginn, well ech sinn dee Minister souwisou, ech sinn elo net méi Landesplanungsminister, mä ech hunn nach ëmmer d’Infrastrukturen, ech hunn nach d’Police elo bäikritt, dat ass op den Infrastrukturen an um Niveau vu wat et kascht. Main-d’œuvre-méisseg an esou weider weess ech genau, wat dat kascht, nämlech relativ vill, well de Wuesstum an d’Entwécklung vum Land bedeuten natierlech och, datt mer an den Infrastrukturen an och an de Leit, déi mer mussen astellen am Statsapparat, dee mer mussen opbauen, zum Beispill an deem heite Fall fir d’Sécherheet ze garantéieren, datt mer do mussen dauernd nobesseren. Also, d’Konsequenze sinn ech am-gaangen dauernd ze spieren.

Ech si fir déi Debat! Mä, wann d’Regierung eng Meenung wäert virleeën, da verlaangen ech awer och, datt dann d’Opposition hei vun Allgemengplazen ewechkënn an awer och seet, wat se esou mengt!

An dat nämlech betrëfft d’Renteproblematik. Et geet mir net duer, ze soen: „Mir ginn dovun aus, datt a 25 Joer e Renteproblem kënnt.“ Mä ech weisst awer dann och gär: Wat sinn dann d’Pisten, déi ee wëllt, un déi ee wëllt upaken, fir datt mer de Renteproblem, wann et dann ee gëtt a 25 Joer, fir dee geléist ze kréien? Et geet net einfach nëmmen duer, ze soen: „Do gëtt et e Problem“, well och d’Opposition ...

(Interruptions diverses)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Mir ware jo bereet, fir doriwwer ze diskutéieren! Dir refuséiert als Majoritéit ze diskutéieren!

(Coups de cloche de la présidence)

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Wéini huet d’Majoritéit da refuséiert, dat weisst ech gären, hei ze diskutéieren iwwer Renteproblemer? Wéini war dat?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ma permanent! Permanent!

(Interruptions et coups de cloche de la présidence)

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Här Gibéryen, Dir hutt doch, Dir hutt e Reglement, do hutt Der genuch Instrumenter dran. An do kënnt Der eng Interpellatioun ... Mä maacht eng Interpellatioun zur Renteproblematik! Maacht se!

(Coups de cloche de la présidence)

Oder den Här Wiseler ka se och maachen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Da bréngen ech muer de Brëif mat.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Ma voilà! Da kënne mer déi féieren. Mä kommt awer net heihinner an da sot Der, wann Der dann eng Interpellatioun maacht: „Et gëtt e Renteproblem a 25 Joer a wannechgeléift d’Regierung, sot Dir eis elo, sot Dir eis elo ...“

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech wäert elo selwer wëssen, wat ech weess.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Jo, Dir wësst ëmmer gär, wat Der ...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Bausch, Dir musst och esou lues zum Schluss komme vun Ärer Interventioun an den Här Wiseler wëllt lech nach eng Fro stellen.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Neen, ech wëll lech näischt virschreien, Här Gibéryen, mä Dir zielt ëmmer gären déi Saachen, Dir wëllt ëmmer gäre Saache vun anere wëssen, mä Dir selwer widderspricht lech vu moies bis owes.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Gibéryen, den Här Bausch huet nach ëmmer d’Wuert!

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Här President, duerfir, déi Debat iwwer Wuesstum, déi muss gefouert ginn an déi soll och gefouert ginn an déi wäert och gefouert ginn. Mä ech soen awer och, déi huet awer net eppes ..., déi huet natierlech e Lien zu deem, wat hei elo diskutéiert gëtt a wat geschter diskutéiert ginn ass hei an der Chamber. Mä et ass awer net, datt een elo ka soen, dat, wat do proposéiert gëtt, do gi jo eng Rei Propose gemaach, datt een dat einfach kann ofleenen, well do sinn e ganze Koup Saachen dran, déi, soen ech lech elo, och wa mer d’Wuesstumsdebat eng Kéier gefouert hunn, wäerten déi do Saachen awer noutwendeg sinn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Wiseler hat nach d’Wuert gefrot.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo, ech wollt am Fong just soen, datt den Här Bausch elo sechs Minutten iwwert déi Wuesstumsdebat geschwat huet. Ech begreissen dat. Dat Een-zezt, wat ech am Fong regrettéieren, dat ass, datt am PNDD iwwerhaapt kee Wuert driwwer gesot gëtt. Dat vermessen ech. De Problem ass, datt mer do, wou mer den Développement durable wëllen definéieren, iwwert d’zentral Problemer guer net schwätzen. Mir sinn och fir déi Diskussioun.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools. Ech mengen, da kënne mer zum Vott komme vun der Motioun.

(Interruptions)

Vote sur la motion 1

De Vott fänt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmme. Dann de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 33 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmme an 22 Abstentionen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : la motion 1 est adoptée par 33 voix pour, 4 voix contre et 23 abstentions.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Octavie Modert), Marc Lies (par Mme Martine Hansen), Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

5. 7269 - Projet de loi complétant le Code du travail en portant création d’une activité d’assistance à l’inclusion dans l’emploi pour les salariés handicapés et les salariés en reclassement externe (suite)

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7269, eng Erweiderung vum Code du travail duerch d’Schafe vun den Activités d’assistance à l’inclusion. Den Text steet am Document parlementaire 7269°.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 7269 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmen fänt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmme. Dann de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7269 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmme ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Lies (par M. Laurent Mosar), Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. 7398 - Projet de loi portant modification de la loi du 26 décembre 2012 sur les services postaux (suite)

Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7398, eng Ofännerung vum Postgesetz. Den Text steet am Document parlementaire 7398°.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 7398 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmen fänt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmme. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7398 ass bei 56 Jo-Stëmme an ...

► **Une voix.**- 56?

► **M. Fernand Etgen, Président.**- ... 56 Jo-Stëmme a 4 Nee-Stëmme ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Lies (par M. Marco Schank), Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.